N°3229
Entrée le 24.11.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 25.11.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/11/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Verdeedegung weiderzeleeden.**

Wéi rezent aus de Medieberichter ervirgaangen ass, huet Lëtzebuerg zesumme mat siwe weideren europäesche Länner – Däitschland, Holland, Polen, Litauen, der Belsch, der Tschechescher Republik an der Slowakei – d'Initiativ "Central Northern European Military Mobility Area" (CNE MMA) lancéiert. Dës nei Kooperatioun baut op dem "Military Mobility Corridor" op, deen am Joer 2024 vun Däitschland, Holland a Polen initiéiert gouf.

D'Haaptzil vun dësem Accord ass et, eng effizient europäesch Mobilitéitszon ze etabléieren, fir am Eeschtfall Truppen a militärescht Material méi séier iwwer d'Grenzen ewech verleeën ze kënnen. An dësem Kontext sollen net nëmme logistesch Barrièrë bannent der EU an der NATO ofgebaut ginn, mee et sollen explizit och juristesch an administrativ Prozedure vereinfacht ginn, fir d'Verdeedegungspositioun ze stäerken.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi eng konkret legislativ oder reglementaresch Ännerunge sinn zu Lëtzebuerg néideg, fir déi am Kader vun der CNE MMA virgesi Vereinfachung vu juristeschen an administrativen Demarchen ëmzesetzen?

2. Gëtt et en Zäitplang, bis wéini dës eventuell néideg Gesetzesupassungen ausgeschafft an dem Parlament virgeluecht solle ginn?

3. Huet dësen Accord Auswierkungen op d'national Infrastruktur (Stroossen, Bröcken, Schinnen), a mussen hei technesch Upassunge gemaach ginn, fir den Transport vu schwéierem militäreschem

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Material ze garantéieren?

4. Wéi gëtt d'Koordinatioun mat den Nopeschlänner, speziell mat der Belsch an Däitschland, séchergestallt, fir eng nahtlos Grenziwwerschreidung ze garantéieren?

5. Mat wéi enge finanziellen Auswierkunge rechent de Ministère fir d'Ëmsetzung vun dëser Initiativ?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten